piratepartei
www.piratepartei.lu

How-to Aarbechtsgruppen (AGs)

Sënn a Zweck vun Aarbechtsgruppen

Ziel vun Aarbechtsgruppen ass et Inhalter zu engem speziellen Thema auszeschaffen an ze publizéieren. Eng AG bitt interesséierte Memberen d'Tools fir ze schaffen an koordinéiert d'Aarbecht. Doriwwer raus stellt eng Aarbechtsgrupp mat enger Kontaktpersoun eng Expertise duer op déi den Präsidium z.B. bei Pressematdeelungen zeréckgräife kann.

Aarbechtsweis vun enger Aarbechtsgrupp

Dem Koordinator an den Membere steet et fräi, wéi se hier Aarbecht organiséieren an ausféieren.

Folgend Tools hunn sech bis elo als praktesch erwisen:

- Piratenpads fir zesummen un engem Text ze schaffen
- de Wiki fir Resultater ze publizéieren an ze archivéieren, verbonne mat Wiki-interne Kategorië pro AG
- de Forum (Ënnerforum "Parteiaarbecht") fir inhaltlech Diskussiounen
- all AG kritt eng eege Mailinglëscht fir Ukënnegungen an allgemengen Austausch

Du kanns Dech och ëmmer un bestoenden AGs inspiréieren!

Eng nei Aarbechtsgrupp grënnen

Wanns Du eng Aarbechtsgrupp grënne wëlls an schon een Thema hues, da schreif eng E-Mail mat denger Idee un ahoi@piratepartei.lu. Mir stellen Dir dann eng Mailinglëscht an aner Tools zur Verfügung, veröffentlechen Deng Aarbechtsgrupp op der Websäit an ënnerstëtzen Dech wou mer nëmme kënnen.

Wanns Du Dir bei enger Saach net sécher bass oder Froen hues, da kontaktéier direkt den Jerry Weyer op jerry.weyer@piratepartei.lu